N°1278
Entrée le 06.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Gemeinsam Äntwert vum Här Finanzminister, Gilles Roth, a vun der Madamm Ministesch fir Digitaliséierung, Stéphanie Obertin, op d'parlamentaresch Fro n°1278 vum 2. Oktober 2024 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen iwwer de Portail MyGuichet.lu**

Den honorabelen Deputéierte bezitt sech a senger parlamentarescher Fro op ee Pressecommuniqué vun der Madamm Ministesch fir Digitaliséierung vum 1. Oktober 2024 mam Titel : „Staatlech Déngschtleeschtunge méi no beim Bierger".

Den Zentrum fir Informatiounstechnologië vum Staat (CTIE) dee fir MyGuichet.lu responsabel ass, developpéiert de MyGuichet.lu nom Prinzip vun engem zentralen Hub, deen et de Ministèren, Verwaltungen an aneren ëffentlechen Entitéiten erméiglecht digital Déngschtleeschtunge fir d'Bierger an d'Entreprisen unzebidden.

Dëst heescht konkret, dass de CTIE reegelméisseg d'Besoine vun de Bierger an de Verwaltungen analyséiert fir seng Plattform weiderzeentwéckelen an nei generesch Funktionalitéiten ze developpéieren. Op Basis vun dëse sougenannte *Building blocks* ginn da konkret online Servicer fir d'Verwaltungen entwéckelt. Dëst geschitt jeeweils op Initiative vun der ëffentlecher Entitéit, déi e konkrete Besoin huet, natierlech a ganz enker Zesummenaarbecht mat den Ekippe vum CTIE.

An deem Sënn stellt d'Enregistrementsverwaltung (*Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA*) dem Bierger haut schonn op MyGuichet.lu Informatiounen iwwer d'Héicht vum perséinleche Steierkredit "Bëllegen Akt" zur Verfügung. All Bierger mat Zougang zu MyGuichet.lu kann also iwwer dee Wee säi Solde agesinn. Fir Entreprisen oder Persounen, déi am perséinlechen Numm an der TVA ageschriwwe sinn (assujettis à la TVA), besteet doriwwer eraus d'Méiglechkeet op MyGuichet.lu de Solde TVA ze consultéieren an och en Extrait de compte ze generéieren.

Am Kader vun der Transformatioun vun der Steierverwaltung (Administration des contributions directes) si verschidden Themefelder virgesinn op deenen zesumme mat verschiddenen Acteure geschafft gëtt. Ee vun dëse Felder betrëfft d'Orientéierung vum Client, wëll heeschen d'Zentréiere vun de Prozesser op de Steierzueler an aner Parties prenantes. Dozou gehéiert dann och ënner anerem d'Bereetstelle vu méi Informatiounen op MyGuichet.lu. Wat elo d'Delaien ubelaangt, ass et nach ze fréi fir sech dozou ze äusseren, well sech déi verschidde Projeten an eng global Roadmap, déi d'Steierverwaltung am gaangen ass opzesetzen, aschreiwen.

Lëtzebuerg, de 5. November 2024

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth